Lëtzebuergesch als Friemsprooch
Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)

Héierverstoen

Oflaf

1. Deel

Dir héiert Ecoutten an Dir beäntwert d'Froen op Ärem separaten Äntwertblat.

Am Froebou sinn:
- Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
- Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert schreift Dir op d'Äntwertblat.

2. Deel

Dir lauschtert kleng phonetesch Aufgaben. Dir beäntwert d'Froen um Angabeblat. Et gëtt keen extrat Äntwertblat.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen. (keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)

Liesverstoen

Oflaf

Dir hutt 20 Minutten Zäit.

1.Deel
Liestexter, Angabeblat mat de Froen + Äntwertblat.

Am Froebou sinn:
1) Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
2) Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert schreift Dir op d'Äntwertblat.

2. Deel

1 Blat mat verschiddene klengen Texter. Dir musst Text mat Text verbannen oder Text mat Foto.

Keen Äntwertblat.

Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)

Mëndlechen Ausdrock

Oflaf

Den Examen dauert ongeféier 10 Minutten.

1. Deel

Dir kritt 2 Theme proposéiert a wielt eent aus. Duerno féieren d'Préiwer e Gespréich mat Iech iwwert dat Thema, wat Dir gewielt hutt.

2. Deel

Dir kritt 2Biller proposéiert a wielt eent dovun aus. Duerno beschreift Dir d'Situatioun an d'Leit, déi Dir op dem Bild gesitt. Wat gesitt Dir? Wat ass d'Thema? Wat maachen d'Leit? Wéi gesit si aus? Wou si si?

Schwätzt och iwwert Iech! Kennt Dir dat? Maacht Dir dat och?

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
Zertifikat Lëtzebuergesch (A2)

Schrëftlechen Ausdrock

Oflaf

Dir kritt een Thema. Dacks ass d'Consigne als E-Mail formuléiert, wourop Dir elo äntwere sollt. Gebraucht 60-80 Wierder. Dir hutt **30 Minutten** Zäit. Dir dierft deen Ament Ären Text op engem Blat virbereeden, awer Är definitiv Versioun musst Dir op d'Prüfungsblat schreiwen. Béid Blieder gi selbstverständlech vum INL gestallt.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen. (keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)

Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of. Och d'Virbereedungsblat.